Äntwerten op d'Froe vun der ALAtD

D'CSV wäert den aktuellen « Plan national de la santé mentale » evaluéieren a bei Bedarf upassen. De « Plan national de la santé mentale » gëtt als vollwäertege Bestanddeel an den neien nationale Gesondheetsplang integréiert, dee mir ausschaffe wäerten. E „Comité de pilotage" wäert dat ganzt koordinéieren. Fir datt den Uleies vun de Patienten a vun de verschiddene Vertriedunge vun de Gesondheetsberuffer ka Rechnung gedroe ginn, setze mir op eng participativ Approche.

Mir wäerten d'Nomenclature vun der CNS generell iwwerpréiwen a punktuell upassen an erweideren.

Mir wäerten d'Lëscht vun den unerkannte Gesondheetsberuffer analyséieren, a bei Bedarf erweideren. Ganz speziell wäerte mir de Psycholog als Gesondheetsberuff unerkennen, an en Tarif an d'CNS-Nomenclature aschreiwen.